

Här Claude Wiseler
President vun der Chamber

Lëtzebuerg, de 2 octobre 2024

Här President,

Esou wéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madame delegéiert Ministesch fir Medien a Connectivitéit, un den Här Sportsminister an un den Här delegéierte Minister fir Tourismus weiderzeleeden.

De Skoda Tour de Luxembourg, deen all Joer am September stattfënnt, ass e renomméiert internationaalt Sportsevenement, wat vill professionell Cyclisten aus der ganzer Welt zesummebréngt. Och dës Joer hunn Top-Cyclisten op Weltniveau ëm den Titel gekämpft.

An deem Kontext wollt ech folgend Froen un d'Madame delegéiert Ministesch fir Medien a Connectivitéit, un den Här Sportsminister an un den Här delegéierte Minister fir Tourismus stellen:

- Zu Lëtzebuerg gëtt de Skoda Tour de Luxembourg vun RTL diffuséiert. Wéi vill Tëleesspectateuren hunn d'Course dës Joer verfollegt? Wéi huet sech dës Zuel an de leschten zéng Joer entwéckelt?
- Wien iwwerdréit d'Course am Ausland? A wéi vill Länner gëtt d'Course iwwerdroen? Ginn et Informatiounen iwwert d'Zuel vun den auslänneschen Tëleesspectateuren? Wéi huet sech dës Zuel an de leschten zéng Joer entwéckelt?
- Ginn et Informatiounen iwwert d'Zuel vun de Spectateuren, déi d'Course op der Plaz suivéiert hunn?
- A wéi engem Mooss dréit esou en Evenement zur Attraktivitéit vu Lëtzebuerg als Reesdestinatioun bäi?

Här President, ech bieden Iech, mäin déifste Respekt unzehuelen.



Charles Weiler
Député